

# Infoblat N° 14/2022

Januar 2023



[bigs@pt.lu](mailto:bigs@pt.lu) [www.bigs.lu](http://www.bigs.lu)

CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000

# BIGS

**Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl**

RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM

association agréée dans la protection de la nature



An dëser Nummer:

Ofholung am Bobësch

KRONOSPAN

Klimabiergerrot

Déclaration des Droits de l'Arbre

Infos

**SAVE THE DATE !**

**Donneschdes 16. Mäerz**

Assemblée générale ordinaire

BRASSERIE BOULODROME 19:00

# BIGS

**Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl**

RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM  
association agréée dans la protection de la nature

[bigs@pt.lu](mailto:bigs@pt.lu)  
[www.bigs.lu](http://www.bigs.lu)

**2023**

**MEMBRE  
DONATEUR/TRICE**

carte membre 10 €



solidarité



Collecte de fonds  
pour financer le **RECOURS**  
pour la préservation de la  
**ZONE-NATURA-2000**

Zämerbësch/Bobësch



**Mir wënschen iech e  
glécklecht neit Joer 2023 !  
Bleift gesond a kämpferesch !**

**E grouse MERCI un all déi  
vill Léit déi eis moralesch,  
finanziell a bei eisen  
Aktiounen ënnerstëtzt hunn !**

**Bleift weider solidaresch !  
De Bobësch an den Zämerbësch  
si nach net gerett !**

CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000

# Ofholzung am Bobësch:

## Wëldebréck, Gasleitung, Contournement... Wou si mer drun ?

D'BIGS huet 2 mol e «Référé» verluer. En Deel vum Bobësch senger „Ceinture“ ass ofgeholzt ginn. Den 12. Dezember war d'BIGS virum Geriicht wéinst dem Bauprojet „Wëldebréck“. Do gëtt fir Ufank vum Joer en Urteel erwaart. Fir déi Aussestoend gesäit dat alles zimmlech konfus aus. Wat ass geschitt? Déi deelweis Ofholzungsaktioun fir d'Verleeung vun engem kuerze Stéck intakter a voll funktioneller Gasleitung (ënnert der Strooss CR110, tëschent dem Bobësch an dem Zämerbësch) war laut dem Bauteministère vun enger Decisioun vum Ëmweltministère vum 19.11.2020 ofgedeckt - obschonn d'Situatioun sech no 2 Joer aneschtlers presentéiert...

### Wat seet déi Autorisatioun vum 19.11.2020 ?

Vun enger Wëldebréck als Bauwierk op deër Platz war 2016 keng rieds wéi de Contournement eng éischte Kéier vum Regierungsrat geneemegt ginn ass. 2020 war dann op eemol rieds vun enger Ofsenkung vum CR110 bei der Käerjenger-Gare em méi wéi 4 Meter, angeblech fir e Projet « Wëldebréck », a Wierklechkeet fir d'Autosbréck vum Contournement iwwert déi Strooss ze féieren. Mat deenen Aarbechte sollt an enger éischer Etapp ugefaange gin, wouzou och Ofholzungsarbechten an de Bëscher ronderëm gehéiert hätten. Laut Geneemegung wieren dat awer «Virbreedungsarbechten», eng 1.Etapp, fir eng Wëldebréck uewen op der Kopp vum CR110 (un der Grenz zu Suessem), wéinst deër Bréck selwer d'Strooss awer, no engem provisoiresche Situatiounsplang, nëmme em 0,48 Meter misst ofgesenkt ginn... Vun der Wëldebréck läit awer bis haut nach keen avant-projet détaillé fir, deen awer ugekënnegt war.

A well eng Wëldebréck en ekologesche Projet wier, esou gouf an der Autorisatioun vum 19.11.2020 vum Ëmweltministère behaupt, bréichte keng Ëmweltstudie gemaach ze ginn! Et bréicht och laut Ëmweltministère net fir d'éischt ënnersicht ze ginn, wéi wäit d'Zerstéierung vun alen europäesch geschützte Beem oder den Agrëff an Habitater vun europäesch geschützten Déierenarte wéi Fliedermais oder Eidechsen (ënnen an der Kéier ënnert der Eisebunnsbréck), noutwendeg wier. Domat sollt den Ufank vun den Aarbechten um Contournement (Ofsenkung vun der Strooss wéinst der Autosbréck bei der Gare) vum Projet Contournement ofgetrennt an ouni weider Formalitéiten als «ekologesche» Projet erlichtert ginn.

Dee „greenwashing“ hu mer als BIGS, zesumme mat Käerjenger a Suessemer Leit, virum Verwaltungsgeriicht ugefecht mat ville gudden juristeschen Argumenter.

### Wat huet dann elo zënter 2 Joer geännert?

De neie Plan de mobilité „PNM2035“ gesäit ënner anerem vir, dass de «Contournement de proximité», wéi en elo heescht, ënne bei der Gare un de CR110, warscheinlech mat engem Rond-Point, soll ugeschloss ginn, a net méi iwwert eng Autosbréck féiere soll. Dat hätt net nëmme zweifelhaft Auswierkungen op de lokale Verkéier zu Suessem, géif virun allem awer weiderhin d'Bëscher

futti maachen. An et hätt och eng ganz aner Auswierkung op eng méiglech Ofsenkung vun der Strooss, déi laut Aussoe vum Ministère vun den ëffentlechen Aarbechten da „manner konsequent“ misst sinn...

Eng nei Demande fir de CR110 ofzesenken, och nees ouni Pläng, gouf duerfir am September 2022 agereecht, eng nei Autorisatioun läit awer nach net vir. An och déi faméis Wëldebréck bleift weider e Geheimnis. Hir Nätzlechkeet op dëser Plaz (besonnesch wann d'Bëscher déi se verbanne soll weider zerstéiert solle ginn) ass och nach ëmmer net bewisen.

An zu kengem Moment gouf och mat Pläng bewisen, firwat déi Gasleitung fir d'Industriezone Käerjeng elo awer sollt em 5 Meter méi déif geluecht ginn! Trotzdeem gouf am Dezember 2022 eng Fläch vu 70x20 Meter am Bobësch ofgeholzt, an och am Zämerbësch gouf ofgeholzt, op Basis vun der aler Autorisatioun vum 19.11.2020 (déi am Prinzip schon ofgelaaf ass well se net erneiert gouf).

### Wat ass e «Référé» a firwat ass d'BIGS zweemol net domadder duerchkomm?

E «référé» ass eng Aart Schnellprozedur mat deër ee beim President vum Verwaltungsgeriicht eng administrativ Geneemegung wéi déi vum 19.11.2020 iwwer eng «Ordonnanz» provisoiresch ausser Kraaft setze loosse kann. Do muss een e schlëmme Schued duerch d'Ausféierung vun enger Autorisatioun bewisen.

#### 1. Référé zur Wëldebréck:

Am Abrëll 2021 ass eng éischte Kéier festgehal ginn, d'BIGS hätt kee schlëmme Schued um référé bewisen, well de Schued un der Natur duerch de Projet «Wëldebréck» mat Sue géing ausgeglach ginn. Géint esou eng Decisioun kann een net an Appell goen.

#### 2. Référé zum Verleeë vun engem Deelstéck vun enger Gasleitung:

Den 2. Dezember 2022 gouf och nach gesot, d'Affär wier jo prett fir viru Geriicht plaidéiert ze ginn. Déi zwou Decisiounen um Référé bannen d'Geriicht um Fong net. D'Verwaltungsgeriicht, virun deem d'Affär den 12. Dezember 2022 plaidéiert gouf, huet sech awer nach net zu den Awänn vun der BIGS zu der Autorisatioun vum 19.11.2020 geäus-

sert, mat deër och d'Deelofholzung am Dezember fir eng Gasleitung begrënnt gouf!

### **Dann ass jo nach keen Urteil do?**

Jo absolut, de Problem ass awer: wann d'Gericht geschwënn iwwer d'Gültegkeet vun eisen Argumenter entscheet (viraussichtlech Ufank dëst Joer), ass en Deel vum Schued schonn onemkéierbar a bewosst duerch de Staat geschitt. Och wa gesot gëtt, dass „net vill Schued“ entstanen ass, an dat vun der Envergure hier net mam spéidere Schued un zwee Bëscher, och duerch de Contournement, ze vergläichen ass, sinn awer hei eng Partie 50-100 järege al Beem ofgeholzt ginn.

### **Ass de Bobësch definitiv „condamnéiert“?**

Glécklecherweis net, well duefir brauch et fir d'éischt eng nei Geneemegung, fir de Contournement a senger Gesamtheit duerchzeféieren. Géint eng éischt Geneemegung hat d'Gemeng Suessem 2016 scho geklot. Dat war beim APS, dem avant-projet sommaire. D'Gericht sot der Gemeng si sollt erëmkomme wann den APD verëffentlecht wier. An den APD – avant projet détaillé – ass nach ëmmer net geneemegt, a kann och nach net juristesche ugefecht ginn! Esoubal dee vum Ëmweltministère gepréift a geneemegt ass, gëtt e publizéiert an dann hunn d'BIGS oder aner eventuell Interesséiert (Gemeng Suessem, national Naturorganisatiounen...) 40 Deeg Zäit fir a Recours ze goen.

### **Wat huet d'BIGS wëlles – wat sinn déi nächst Schrëtt?**

De Contournement soll weiderhin duerch de Bobësch an d'Natura-2000-Zon goen. D' «raison impérative d'intérêt public majeur» fir dat Bauwierk laut europäeschem Recht kënnen ze rechtfäerdeg (dat waren déi héich Nox-Wärter bei der Brauerei zu Käerjeng, déi elo ewech gefall sinn), d'Opweisen dass keng Alternativen eng Verbesserung bréngen kënnen an de Noweis vu wierkleche Kompensatiounen mussen weiderhin erfëllt ginn, wat eiser Meenung no net de Fall ass.


D'BIGS bleift weiderhin opmierksam, a wäert mat alle legale Mëttele géint de Projet vum Contournement a géint Zerstäerung vun eise Bëscher weider streiden.

De Bobësch an d'Natura 2000-Zon mussen weiderhin verdeedegt ginn! Et därefer keng Bëscher méi wéinst Stroossen ofgeholzt ginn!

***De Bobësch an d'Natura-2000-Zon mussen weiderhin verdeedegt ginn! Et därefer keng Bëscher méi wéinst Stroossen ofgeholzt ginn!***

**CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000**

## **KRONOSPAN**



Am Kader vun der Commodo-Incommodo Prozedur fir eng Ufro fir eng Erweiderung vun der Autorisatioun vun der Firma KRONOSPAN fir weider Spanplacken ze produzéieren, zum Deel geféierlechen a gëftegen Offall ze stockéieren, fir spéider an enger Cogeneratiounsanlage déi Offäll ze traitéieren an ze verwäerten, hat d'BIGS en avis formuléiert an op der Gemeng deposéiert.

An eiselem Avis hate mir gefrot, dass am Virfeld vun engem Ausbau déi bestoend Problemer sollten op hier Ursachen analyséiert an behuewe ginn.

Am Dossier war eis opgefall, dass vu weideren Emissiounen vu klengen Partikelen, chemeschen Substanzen wéi z.Bsp. de Formaldehyde rieds war, wat fir eis d'Gefor vun enger Verstärkung vun der Verschmutzung vun der Loft duerch Gëftstoffer a Geruch kéint féieren. Eng Erweiderung vun der Produktioun riskéiert och de Problem vum Kaméidi, dee virun allem Nuets vun der Inspection de l'administration de l'environnement festgestallt gouf, ze verschlimmern.

Fir eis misst KRONOSPAN fir d'éischt konform zu den Ëmweltschutzbestëmmungen ginn an da misst och de ganzen Impakt op d'Natur gekuckt ginn. An der Klimakrisen mussen all Emissiounen vun Zäregasen a Gasen déi Niewewierkunge matsechbréngen kontrolléiert an vermindert ginn.

An engem Sondage, dee mir scho virun der Pandemie ugekënnegt haten, an dee mer dann am Kader vun dëser Prozedur zu Suessem an Zolwer duerchgezunn hunn, haten am Ganzen 417 Leit hier Observatiounen gemaach an sech iwwert Belästegungen beklot:

- 365 mol ass sech iwwert de Geruch beschwéiert ginn
- 353 mol iwwert de Steps oder d'Emissiounen
- 266 mol iwwert de Kaméidi.

Déi éischt 275 Ënnerschrëften hu mir mat eiselem Avis un déi verantwortlech Instanz weidergeleet. Déi aner 142 Ënnerschrëften (nom Delais) goufen nogereecht. Et gëtt héich Zäit, dass KRONOSPAN d'Ëmweltoplage respektéiert!

Weider Problemer bei KRONOSPAN bleiwen de Verkéier, d'Ubannung un d'Schinnenetz, d'Opfänke vum Reewaasser a vum Schmutzwaasser an de Schutz vun der Chiers.

Weider Infos zum Thema KRONOSPAN stinn op eiser Internetsäit [www.bigs.lu](http://www.bigs.lu) (Dossier KRONOSPAN) oder iwwert Kontakt [rborrel@pt.lu](mailto:rborrel@pt.lu) oder [bigs@pt.lu](mailto:bigs@pt.lu).

# Interview mat engem Member aus dem Klimabiergerrot

**Nom Bericht vum Biergerrot dat läscht Joer (Infoblat 10) koum am September vun dësem Joer de Bericht vum Klimabiergerrot eraus. 56 Propositionen, ënnerdeelt an 200 Einzelpropositione goufen zum Thema Klimakrisbekämpfung ausgeschafft. D'Sandra Kipchen, Awunnerin aus Suessem, a Member vum Verwaltungsrot vun der BIGS asbl, huet dee ganze Prozess matgemaach. Si war esou frëndlech an huet eis e puer Froen beäntwert.**

**BIGS:** *Wéi si dir un d'Aarbecht am Klimabiergerrot erugaangen?*

**SK:** Mär hunn eis während 6 Aarbechtsweekender gesinn. Virun all Aarbechtsweekend hate mer en Austausch iwver Teams mat Experten a Visitten op ënnerschiddleche Plazen zu engem Thema. Praktesch all Kéiers hunn d'Organisateuren eng aner Aarbechtsmethod ugewannt fir virzegoen. Mir waren a Gruppe vu 15 Leit agedeelt, déi an Ënnergruppe vu 4 bis 5 Leit geschafft hunn.

Jiddefalls ass et all Weekend drëm gaangen iwwert eng spezifesch Fro ze schaffen. Dobäi krute mer all Kéier en Thema virginn. Mer krute grouss Afichë wou mer eng Fro hu misste formuléiere mat Léisungsvirschléi an d'Auswierkungen dervun. Mir sollten eis och iwwerleeë wat fir eng Viraussetzungen eng Ëmsetzung géing mat sech bréngen a wat eventuell Problemer bei der Ëmsetzung kéinte sinn.

D'Resultater aus den Ënnergruppen ass dunn am grouse Grupp virgestallt an ergänzt ginn. Alles ass an enger zäitlecher Rumm ofgelaf déi zimmlech strikt war.

**BIGS:** *Dat wuar jo dann eng partizipativ Approche an dir konnt iech all abréngen?*

**SK:** Net wierklech! Verschidden Organisateuren hunn eis deelweis wéi kleng Kanner behandelt. Gesprécher iwver Zilthema sinn ënnerbrach ginn; mer hunn zäitweileg missten iwver Froe schaffen, déi mer guer net wollte behandle well se fir eis net relevant waren.

Zäitlech gesinn hu mer missten zimmlech flexibel si well d'Visitte meeschtens eréischt den Dag virdrun ugekënnegt gi sinn an d'Adressen oft ongenau oder net richtig kommunizéiert goufen. Et muss een och soen, dass mer bis op 2 Ausnamen, éischter keng vum Staat onofhängeg Experten haten.

Mer kruten deemno net vill matgedeelt wat net schonn iergendwou festgehalten a bekannt war, an ech hat oft d'Gefill, dass mer éischter bestätege sollte wat scho gesot a geschriwwe gouf.

**BIGS:** *Wéi ee Punkt ass fir iech de wichtigste Aspekt deen der festgehalten hutt?*

Dee wichtigsten Aspekt betrëfft fir mech d'Landwirtschaft an d'Sylviculture (de Bësch). Wat d'Landwirtschaft ugeet, sollen esou vill wéi méiglech Fläche beplant ginn ouni mat chemesche Mëttelen anzegräifen.



Et ass fir eis Ëmwelt ganz wichtig, dass all Bëscher, déi mer nach hunn, erhale bleiwen a vergréissert ginn an dobäi esouvill wéi méiglech sech selwer iwverlooss ginn. De Bësch ass nu eemol de beschten an, an eise Géigenden deen eenzeggen effikasse CO2 Späicher an dowéinst onverzichtbar wa mer der Klimaerwärmung wëllen entgéintsteieren! Dee Beitrag muss mer eescht huelen an ëmsetzen! D'Zäit leeft eis fort!

**BIGS:** *Wat geschitt elo mat deene Recommendationen déi beim KBR erauskomm sinn?*

**SK:** Déi Fro stelle mer eis alleguer. Eis Porte-parole krute gesot si géifen um Courant gehal ginn. Bis elo huet **keen eppes** vun hinnen **héieren**. **Affaire à suivre!**

De 4. a 5. Oktober war en Austausch an der Chamber, de 7. ass iwwert de PNEC (Plan national de l'Energie et du Climat) geschwat ginn, an de 25. Oktober war en Debat. <https://www.chd.lu/fr/seance/2797> ./.

./.. De Premier Xavier Bettel hat deemools ervirgestrach, dass d'Membere vum KBR vill méi wäit wieren an hiren Iwwerleeungen a méi Courage hätte wéi d'Politiker - hien huet sech gewünscht, dass d'Politiker sech sollte vun deem Courage ustieche loossen.

D'Ëmweltministesch Joëlle Welfring sot, dass de KBL e Complement zum wëssenschaftlechen Observatoire an der Klimaplattform géing duerstellen an, dass d'Propositionen an den Integrierten Energie- a Klimaplang vum Ëmweltministere géingen afléissen.

Den Transport- an Infrastrukturminister François Bausch hat an engem 2. Ulaf gemengt, dass d'Iddie vum KBR «sympathesch» wieren (Tempolimitt a méi héich Autossteieren), säi PNM 2035 (Plan national de mobilité) wier awer vill méi radikal a géing méi wäit goen.

**Interessant ass hei, dass esouwuel de Biergerrot wéi och de Klimabiergerrot gefuerdert hunn, keng Bëscher méi fir de Bau vu Stroossen ze opferen.**

Bei der COP27 zu Charm-el-Cheikh (6.-18. November), goufe KENG PROGRES um Niveau vun den Zäregase par rapport zur läschter Konferenz erziilt. Den UNO Generalsekretär Antonio Guterres huet vun engem ECHEC geschwat.

Fir Februar 2023 sollt en Avant-Projet zum PNEC, deen sech op national an europäesch Gesetzgebung baséiert, dem Regierungsrat virgestallt ginn. Duerno kennt eng Consultatioun du public, innerhalb vun 3 Méint soll d'Klimaplattform da Stellung huelen. Da gétt eng «mise à jour» vun de Regierungsmembere virgeholl (Enn vum 1. Trimester). Spéitstens den 30. Juni muss dat Dokument der EU-Kommissioun virgeluecht ginn. No der Impaktstudie wäert de Prozess dann am Juni 2024 ofgeschloss sinn. Duerno soll de PNEC dann vun der neier Chamber gestëmmt, a vun der neier Regierung ëmgesat ginn.

## **ENERGIESPUEREN: e kleng Schrëtt fir mech, e grouse Schrëtt fir meng Ëmwelt**

Bei der Ëmweltberodung Lëtzebuerg fannt dir interessant Informatiounen an Tipps zum Thema Energiespueren. D'EBL gétt och all Mount eng Newsletter eraus [www.ebl.lu](http://www.ebl.lu)

Op der fb-Säit vun der Gemeng Suessem fannt der och Recommendatiounen zu deem Thema.

## **2023: nei Subsidies bei Reparaturen oder Kaafen vun elektrëschen Apparater**

Am Kader vun der Sensibiliséierung fir Energie ze spueren an nohalteg domadder ëmzege sinn am Gemengebudget vun 2023 nei Subsidien virgesinn, fir Leit, déi en defekten elektrëschen Apparat flécke loossen (Zirkularwirtschaft) oder duerch en méi effizienten ersetzen. Detailler an d'Reglementer mussen nach ausgeschafft ginn.

PAUL BLESER

# L'ARBRE

**Avec ses racines, son tronc et ses branches : au sens propre et au sens figuré.**

Mon travail sur « L'Arbre » est une jeune pousse dans la forêt des nombreux œuvres sur ce sujet. Parviendra-t-il à se voir remarquer ? Vous devinerez ma réponse....

J'ai essayé en effet de me faire une idée de tout ce que l'arbre et la forêt représentent dans notre existence et de vous soumettre le résultat de cette enquête. Pour y parvenir, j'ai imaginé une approche globale du sujet de l'arbre, une approche différente d'autres ouvrages concernant l'arbre, différente, parce que normalement ceux-ci traitent seulement quelques aspects, voire un seul aspect particulier de celui-ci.


Ce livre de 730 pages contient donc une multitude de vues sur l'arbre :

Les aspects historiques, juridiques, économiques, scientifiques, médicaux, biologiques, philosophiques, artistiques, écologiques, culturels... enfin, vous découvrirez cela dans ce livre.

En outre, plus de 1300 liens électroniques, contenus dans le texte en notes en bas de page, et respectueux des droits d'auteur, permettent une information actualisée en vue d'aborder et d'approfondir tous ces sujets avec un simple clic sur le site [www.arbre.lu](http://www.arbre.lu). Une bibliographie ciblée vous fournira une information complémentaire, subsidiaire, parfois sujette à controverse et (presque) complète des sujets abordés.

Tout comme une encyclopédie, vous ne lirez pas ce livre d'un seul trait.

L'aspect juridique sous-jacent de quelques pages ne dérangera pas le lecteur plutôt porté vers d'autres aspects : ceux-ci lui sont annoncés dans la première centaine de pages et développés dans la suite, à lire au fur et à mesure de sa propre curiosité.. et fort de ces connaissances, il comprendra que l'arbre n'est pas un simple objet, mais devra bénéficier du « droit », dû à tout être vivant.



[www.arbre.lu](http://www.arbre.lu)

Paul Bleser né en 1941, Juriste.

Directeur Honoraire de l'Administration de l'Enregistrement, des Domaines et de la TVA au Grand-Duché de Luxembourg.

## POUR COMMANDER LE LIVRE

Hard-Cover cousu au fil de lin  
Dimensions 14,5 x 24 x 4 cm

Vous verserez 85 Euros sur le CCP de Paul BLESER :  
LU62 1111 0066 9906 0000  
en ajoutant l'adresse pour l'envoi du livre.

Frais d'envoi compris au Luxembourg.

Payement vaut commande